

# Eis Analys vum Regierungsprogramm 2018-2023

„**eran, eraus ... an elo?**“ ass ee Gruppement vun interesséierte Bierger déi sech puer Gedanken zum Thema ‚*Justiz a Strofvollzuch*‘ maachen.

Mir haten den 1. Oktober 2018 eng Bestandsopnam vun der Justiz a vum Strofvollzuch zu Lëtzebuerg un all Parteien an un d’Medie geschéckt. Dëst Dokument fannt dir an der Annexe mam Num ‚2. Bestandsopnam vun der Justiz a vum Strofvollzuch.‘

Den 24. Oktober 2018 haten mir de Membere vum Aarbechtsgrupp „Justice, Sécurité intérieure“ 6 Forderungen geschéckt, déi eiser Meenung no, an der nächster Legislaturperiod prioritär mussen ëmgesat gin. Dëst Dokument fannt dir an der Annexe mam Num ‚3. Eis 6 Forderungen‘.

Mir wëllen an de folgenden Zeile kuerz analyséieren ob dës Forderungen Rechnung gedroe ginn ass. Doriwwer eraus presentéiere mir eis Meenung zu den ënnerschiddlechen Themen déi sech am Regierungsprogramm erëm fannen.

## 1. Eis 6 Forderungen

Vun de 6 Forderungen déi mir opgestallt haten, hunn et der 4 Stéck an de Regierungsprogramm 2018-2023 gepackt. 2 Forderungen sinn net berécksiichtegt ginn, mee mir sinn awer optimistes, dass dës Regierung och des Thema ëmsetze wäert, zemoos well et kohärent mat dem der Philosophie vun der Reinsertioun wier.

Forderung	Regierungsprogramm
① ‚ <b>Formation qualifiante</b> ‘ zu Schraasseg muss erëm méiglech gemaach ginn.	Le recours (...) aux formations qualifiantes sera développé.
Lëtzebuerg ass ee vun de wéinege Länner aus Europa, wou déi lescht Jore keng esou „Formation qualifiante“ ugebuede ginn ass. De Problem mat de Maîtres d’enseignement technique (chefs d’ateliers), dee schonns zanter Jore schleeft, muss geléist ginn an dierf net op de Käsche vun de Persounen am Prisong ausgedroe ginn. Et ass sécherlech méiglech, all Joer enger Handvoll Persounen am Prisong eng ‚ <i>formatioun qualifiante</i> ‘ ze erméiglechen, wat jo als Hauptfacteur fir d’Reinsertioun kenn consideréiert ginn. Mir wëssen och, dass et immens wichteg fir d’Wüerd vun enger Persoun am Prisong ass, wann si esou een Diplom kritt : endlech eraus aus der ‚ <i>dynamique de l’échec</i> ‘ eran an eng ‚ <i>dynamique de réussite</i> ‘.	
② De Projet ‚ <b>Maison de transition</b> ‘ muss ëmgesat ginn.	Les travaux relatifs à la création de maisons de transition seront poursuivis afin de continuer à promouvoir la réinsertion sociale des détenus.
Dësse Projet läit quasi fäerdeg um Dësch a mir hoffen dass déi éischt ‚Maison de transition‘ am Joer 2019 hir Dieren opmécht. Eisen Informatiounen no, ass d’Caritas, déi de Projet jo soll geréieren, prett fir unzefänken.	
③ D’ <b>Aféierung vum ‚Code de travail</b> ‘ fir all schaffend Persoun am Prisong	<b>Leider</b> steet heivunner naischt am Regierungsprogramm.

Mir bleiwen hei bei eiser Fuerderung<sup>1</sup> : Mir mengen, dass an dësem Domaine vill Verbesserungen néideg wiere – zemools am Domaine vun der Pensiounsrechter vun enger Persoun am Prisong.

Mir sinn am gaangen heiranner ze schaffen a mir wäerten an den nächsten Wochen eng Bestandsopnam vun dëser Situatioun presentéieren.

④ De 'projet de loi' iwwert de **Conseil suprême de la justice** muss gestëmmt ginn.

Le projet de loi portant création d'un Conseil national de la Justice (...) constitue un ensemble avec le projet de révision de la Constitution.

De 'Projet de loi portant organisation du Conseil suprême de la justice' ass den 22/06/18 vum Här Braz deposéiert ginn a muss elo esou séier wéi méiglech gestëmmt ginn. Mir hoffe just, dass dëse ganz wichtege Projet net duerch eng onendlech Diskussioun iwwert d'Verfassungsreform blockéiert gëtt. De *conseil national de la justice*, ass wichteg fir eng maximal Transparenz am Justizwiesen ze garantéieren.

⑤ Mir brauchen endlech déi néideg **Statistiken** iwwert de Strofvollzuch an de Fonctionnement vun der Justiz.

Les outils statistiques nécessaires seront mis en place (...).

**Endlech**...mir brauchen ee Verglach mat deenen aneren europäesche Länner a mir sinn gespaant, wat d'Konsequenze vun dëse Statistike fir d'Justiz an de Strofvollzuch wäerte sinn. Des Statistike si wichteg fir eng maximal Transparenz am Justizwiesen ze garantéieren.

⑥ Ee Patron dierf **keen Zougang** méi hunn zum **Casier judiciaire** – ausser a ganz begrenzten Ausnahmefäll.

**Leider** steet heivunner naischt am Regierungsprogramm.

Des grouss Brems vun der Reinsertioun muss ofgeschaaft ginn. Mir héiere quasi all Woch vu Persoune vu Givenich, déi duerch dës onméiglech Praktik keng Aarbecht fannen. Mir stelle fest, dass eng anstänneg Reinsertioun erschwéiert gëtt, wann all Patron d'Recht huet de Casier vun enger Persoun unzufroen. Sou laang et net am direkte *'domaine de compétence'* vum Patron ass, geet de Casier de Patron näischt un. Jiddereen huet d'Recht op eng zweet Chance an dofir si mir der Meenung, dass ee Patron just folgend Casieren dierf froen : Casier 4 : fir Chauffeuren / Casier 5 : fir Persoune déi mat Mineure schaffen.

## 2. Eis Meenung zu den ennerschidlechen Themen aus dem Regierungsprogramm 2018-2023

**Page 19** : (...) la publication des jugements dans le respect des exigences relatives à la protection des données personnelles (...)

Zu Lëtzebuerg ass et ganz schwéier fir als Persoun, déi eng Kéier am Prisong war, erëm een normaalt Liewen ze féieren. Mir sinn ee kléngt Land a jidderee kennt jiddereen. Et ass fir eis net ganz kloer wéi des Publikatioun vun de Jugementer soll genee ausgesinn, mee mir mengen, dass d'Protektioun vun den perséinlechen

<sup>1</sup> R26.17 : Les détenus exerçant un travail doivent, dans la mesure du possible, être affiliés au régime national de sécurité sociale. - Règles pénitentiaires européennes – Editions du Conseil de l'Europe : <https://rm.coe.int/16806ab9b6>

Informatiounen muss respektéiert ginn, fir engem seng Reinsertioun net ze verhënneren.

**Page 19** : (...) l'accès à la justice peut être amélioré pour toutes les parties concernées et que les procédures puissent être simplifiées et accélérées.

(...)

Une loi relative à l'assistance judiciaire sera élaborée dans laquelle les procédures d'octroi de l'assistance judiciaire et les procédures de paiement seront améliorées d'un part par un système d'assistance judiciaire partielle – rendant la justice accessible à davantage de personnes – et d'autre part par un maîtrise de l'évolution des dépenses.

Mir sinn der Meenung dass ee ‚Bureau d'information et de conseil‘ misst entstoen, wou **ALL** Justiciable Äentwerten op seng Froe géif kréien, ouni direkt mussen een Affekot anzeschalten. D'Konzept fir esou ee Büro misst zesumme mam Barreau ausgeschafft gin – et wier wichteg wann d'Mataarbechter niewent de fachlechen, och déi néideg perséinlech Kompetenzen hätte, fir de Justiciable uerdentlech ze hëllefen.

Wat den Volet vun den Affer ugeet, kann ee sech um interessante Projet ‚Bureau d'aide aux victimes‘ aus Frankräich inspiréieren.

Een anere ganz wichtige Punkt sinn natierlech d'Delaie vun der Lëtzebuerger Justiz. Mir hoffen zwar dass de ‚Conseil national de la justice‘ schonns bëssi wäert bäidroen, dass d'Prozeduren endlech ee ‚délai raisonnable‘ respektéieren<sup>2</sup>. Mir mengen awer dass et och um ‚pouvoir législatif‘ ass, de Cadre ze setzen, deen d'äst erméiglecht. Ganz frou si mir iwwert der neier DP-Deputéiert, Hartmann Carole, hir Ausso op der Télé, dass Si sech géif fir eng Verkierzung vun de Prozeduren asetzen. Vu que dass Mme Hartmann, déi jo vu Beruff Affekotin ass, an der ‚commission juridique‘ vun der Chamber setzt, waarde mir mat grousem Interessi op hier Idéen. Eng Verkierzung vun deene ganz laange Prozedure wier eng Win-Win-Win Situatioun : d'Affer, de Staat an den Täter géifen heivunner profitéieren.

An dësem Kontext, wëlle mir awer och nach erwähnen, dass et am Domaine vun der ‚exécution des peines‘ onverständlech ass, dass de Parquet nach ëmmer d'Verantwortung dréit. Mir sinn der Meenung, dass sech, wéi am Ausland, eng onparteilech Institutioun (Haftriichter) soll heirëm këmmen<sup>3</sup>.

**Page 19** : Sera également analysée la possibilité d'adapter les procédures pénales afin de permettre l'évacuation plus rapide de certaines affaires de flagrant délit, sans porter préjudice aux droits de la défense.

D'DP an och LSAP hu sech an hire Walprogrammer fir des sougenannte ‚comparution immédiate‘ ausgeschwat – dëse System gëtt am Ausland vu ville Mënscherechtsorganisatiounen strikt ofgeleent. Mir deelen zwar déi Meenung och, mee an de Fäll vu klengen Delikter mengen mir awer, dass esou ee System zu Lëtzebuerg de Virdeel hätt, dass een d'Zait an der Untersuchungshaft kennt limitéiere – an

<sup>2</sup> Projet de loi du 22/06/18 : Chapitre 1<sup>er</sup> – Article 3 : Le Conseil veille au bon fonctionnement de la justice.

<sup>3</sup> Mir schléissen eis der Meenung vum Ombudsmann, der CCDH, der Ligue des droits de l'homme, der Associatioun des avocats pénalistes, usw. Un : hei muss d'Gesetz esou séier wéi méiglech geännert ginn.

dat zemools fir Non-Résidenten, déi jo meeschtens wéinst dem ominéise ‚*délai de fuite*‘ net aus der Untersuchungshaft entlooss ginn<sup>4</sup>.

Mir wëllen op kee Fall eng ‚*justice de 2e degré*‘ wéi dat jo am Frankräich de Fall ass. Et muss hei verstärkt op d’ Mediation an op d’ ‚*justice restaurative*‘ zréck gegriff ginn, fir fest Prisongsopenthalter ze vermeiden..

**Page 20** : L’ensemble des délais de prescription devront être évalués et redéfinis dans un cadre cohérent.

Eng sënnvoll Adaptation vun de Verjärungsfriste kënt all Justiciable ze gutt. Den Extrait aus der DP hirem Walprogramm ‚*Verjährungsfrist für Vergewaltigungen abschaffen*‘ haten mir als Populismus charakteriséiert. Mir hoffen, dass déi sënnvoll a richtig Grënn, déi fir eng Verjärungsfrist gëllen net duerch eng populistesch (an zäitgeméiss?) Approche iwwert de Koup gerannt ginn.

**Page 20** : Modes alternatifs de résolution des conflits

Mir sinn natierlech ganz erfreet iwwert des Initiative. Mir wäerten d’Ëmsetzung heivunner mat ganz grousssem Interessi verfollegen.

**Page 22** : (...) l’introduction de conditions très strictes pour le placement d’un mineur dans un centre pénitentiaire.

Et ass einfach nëmmen eng absurd Situation, dass de ‚*Centre socio-éducatif de l’Etat de Dreiborn*‘ fäerdeg gebaut ginn ass, an dass d’Mineuren nach ëmmer op Schraasseg dierfe gestach ginn. All Parteien aus der aktueller Regierung haten sech schonns 2013 (!) kloer dofir ausgeschwat fir d’Mineuren op Dräibuer ze setzen an net op Schraasseg.

Wann de ‚*pouvoir exécutif*‘ sech schonns an dëser Affär net géint de ‚*pouvoir judiciaire*‘ duerch gesat kritt, dann hoffe mir alt, dass de ‚*pouvoir exécutif*‘ des ‚*conditions très strictes*‘ esou strikt opstellt, dass kee Mineur méi op Schraasseg kënt<sup>5</sup>...

**Page 24** : L’ouverture du centre pénitentiaire d’Uerschterhaff (CPU) permettra une modernisation du centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) à Schrassig. Un groupe de travail interministériel mis en place en 2016 présentera ses conclusions dans un délai rendant possible un début des travaux de modernisation du CPL, dès l’ouverture du CPU.

Et gëtt domadder gerechent, dass de CPU am Joer 2022 wäert opgog – dëse ‚*groupe de travail interministériel*‘ hat also 6 Joer Zäit fir ee sënnvollen Ëmbau vum CPL z’organisieren. Mir wäerten och hei mat ganz vill Interessi des Aarbechten am A behalen. Ee groussen Accent muss hei op d’Infrastrukture fir d’Visitten geluecht ginn, déi jo zu Lëtzebuerg katastrophal sinn.

**Page 25** : Peines alternatives à l’incarcération (...) Le système du bracelet électronique, qui permet le maintien des condamnés dans leur contexte social, sera développé avec l’approbation des concernés, sans négliger l’utilisation renforcée des mesures classiques

<sup>4</sup> An der Zeitung ‚d’Lëtzebuenger Land‘ vum 04/01/19 gëtt op déi sëllegen Nodeeler vun der ‚*comparution immédiate*‘ opmierksam gemaach. Dofir mussen onbedéngt folgend Konditionnen erfëllt sinn : genuch Zäit fir d’Verteidigung virzubereeden, e performante System vun Dolmetscher, keng Strofen iwwert 2 Joer.

<sup>5</sup> Am beschte wier et natierlech, wann d’Gesetz an dës Richtung géif geännert ginn.

en matière de probation (sursis probatoires, travaux d'intérêt général, libération conditionnelle, sanctions pédagogiques pour les infractions au code de la route ...).

Mir sinn dofir, dass de ‚bracelet électronique‘ net nëmme fir eng verurteelte Persoun a Fro kënnt, mee och dozou soll baidroe fir eng Untersuchungshaft ze verhënneren. Natierlech muss hei op ee ‚*bracelet électronique mobile (avec GPS)*‘ zréck gegruff ginn. Dësen hätt de Virdeel, dass eng ‚*localisation géographique*‘ zu all Moment méiglech wier, wat de ‚*danger de fuite*‘ jo géif onméiglech maachen. Een anere Virdeel ass, dass een eng ‚*zone interdite*‘ kennt ariichten, wat jo de ‚*danger de récidive*‘ géif limitéiere – zum Beispill an engem Fall vun häuslecher Gewalt. D'Gesetz gesäit fir, dass de Prisong nemmen als allerleschte Recours considéiert gëtt, mee d'Tendenz ass hei zu Lëtzebuerg éischer fir eng Persoun am Konflikt mam Gesetz ziemlech séier op Schrasseg ze féiere – waat erklärt dass mir daat Land aus Metteleuropa sinn, mat der höchster Zuel un Persounen am Prisong pro 100.000 Awunner<sup>6</sup>.

Mir wäerten an den nächste Joeren op des Evolutioun besonneg gudd opassen, well an deem Volet huet Lëtzebuerg ee besonnesch groussen Nohuelbedarf.

**Page 25** : Justice restaurative

**Bravo...** mir haten déi Gréng schonns gelueft, dass des Initiative an hirem Walprogramm stoung. Des Konzept ass 2001 am Kanada agefouert ginn an 2010 am Frankräich...mir kënnen eis also zu Lëtzebuerg op d'Erfarunge vun deene Länner baséiere fir hei ee sënnavollt Konzept unzëbidde wou och eng Win-Win-Win Situation fir d'Affer, de Staat an den Täter wäert sinn.

De ‚*bureau d'information et de conseil*‘ fir all Justiciable an eng gudd organiséiert Mediatioun, sollen vun der Philosophie vun der ‚justice restaurative‘ geprägt sinn.

## Conclusioun:

Am Groussen a Ganze bewerte mir de Regierungsprogramm 2018-2023 als positiv, mee elo mussen Neel mat Käpp gemaach ginn. Mir wäerten natierlech an denen nächste 5 Joer och regelméisseg nofroen ob dann och déi verschidden Elementer emgesaat sin oder net.

An der Legislaturperiod 2013-2018 huet de Justizministère ganz laang gebraucht, fir zwee Gesetzer<sup>7</sup> duerch d'Instanzen ze bréngen. Mir menge schonns, dass et néideg ass, fir all des gudd Initiativen esou séier wéi méiglech emzesetzen. Natierlech wäerte mir och d'Emsetzung vun desen zwee Gesetzer ganz genee analyséiere a gucken, dass:

- éischters : d'Situatioun sech vun de Persounen am Prisong séier verbessert,
- zweetens : manner Persounen an de Prisong gestach ginn,
- drëttens: eng besser Reinsertioun erméiglecht gëtt.

<sup>6</sup> Council of Europe Annual Penal Statistics SPACE I – Prison Populations Survey 2015 UPDATED ON 25TH APRIL 2017 – Sait 34 - [http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE\\_I\\_2015\\_FinalReport\\_161215\\_REV170425.pdf](http://wp.unil.ch/space/files/2017/04/SPACE_I_2015_FinalReport_161215_REV170425.pdf)

<sup>7</sup> Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire + Loi du 20 juillet modifiant 1° le Code de procédure pénale en introduisant un titre IX concernant l'exécution des peines 2° le Code pénal 3° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire 4° la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Mir sollen net vergiessen, dass mir an Europa ganz hannen dra sinn an der Justiz an am Strofvollzuch. Mir setzen un sech just dat em wat et an deene meeschten europäesche Länner schonns laang gött. Et ass also wierklech eng Urgence fir hei z'agéieren.

**eran, eraus, an elo?**